

D'ADR begréisst de Récktrëtt vum François Benoy als President vum "Observatoire de l'Environnement". De gréngen Deputéierte huet de konsultative Gremium ënnert dem Patronage vum Ëmweltministère zanter 2019 presidéiert a krut an där Funktioun och eng Indemnitéit.

Den Artikel 58 vun eiser Verfassung stellt awer ausdrécklech d'Inkompatibilitéit vum Deputéiertemandat an den Empfang vun enger Remuneratioun duerch de Staat fest. Déi potenziell Verletzung vun der Gewaltentrennung war an dësem Fall besonnesch brisant, well souwuel den Deputéierte François Benoy, wéi och d'Ëmweltminister Carole Dieschbourg, déi hien op dëse Poste genannt hat, Member vun der grénger Partei sinn. Zousätzlech presidéiert den Här Benoy och d'Ëmweltkommissioun an der Chamber, där hir wichtegst Aufgab an der Kontroll vu genee deem Ministère läit.

Vu, datt d'ADR hei eng méiglech Verletzung vum genannte Verfassungsartikel an der Gewaltentrennung gesinn a bezweiwelt huet, datt den Här Benoy dës konkurréierend Mandater all mat der néideger Onofhängegkeet kéint ausfëllen, hunn si den Här Chamberspresident Fernand Etgen Ufanks Mee an engem oppene Bréif ëm eng Iwwerpréiwung vun dëse Virgäng ugesicht.

Resultat: Och de "*Comité Consultatif sur la Conduite des Députés*" zweiwelt un der Kompatibilitéit vun de Mandater a confirméiert domat am Weesentlechen d'ADR-Positioun. De François Benoy huet doropshin säi Récktrëtt als President vum Observatoire de l'Environnement bekannt ginn.

De Récktrëtt vum François Benoy stellt en eenzelt, awer wichtegt Signal vun der Gewaltentrennung a vum Respekt vis-à-vis vun eisen Institutiounen duer, deen ënnert de Gambiaregierungen iwwer d'Joren ëmmer méi vernoléisseg gouf. D'ADR engagéiert sech weiderhin, datt mir hoffentlech nees zu enger Kultur vum institutionelle Respekt zeréckkommen, wéi d'Lëtzebuerger Bierger et verdéngen.

Matgedeelt vun der ADR